De Schäfferot wollt deen Ament keng Diskussioun hunn an huet et all de Conséillers «fräigestallt» den Appell ze ënnerstetzen, wat och eng partie Gemengeconseilleren a Gemengeconseillères gemaach hunn ! Eréicht wann den APD veréffentlecht ass ging sech e «neie Moment» weisen! Erënnere mer drun, dass da just 40 Deeg bleiwen fir ze reagéieren!

**NOX-WÀERTER ave de Luxembourg Käerjeng**

**2016 = 40 µg/m3**
**2017 = 38 µg/m3**
**2018 = 42 µg/m3**
**2019 = 38 µg/m3**
**2020 = 29 µg/m3**
**2021 = 27 µg/m3**

***#firdeBesch #firdeMensch***
***#Moratoire #keeContournement***

**Am Kader vum Projet de loi 7423 wou et ëm d'Festhalen un der Erweiderung vum Stroossenetz geet, huet eng Delegatioun e gemeinsamen APPELL fir e MORATOIRE zum Bau vum CONTOURNEMENT vu BASCHARAGE un de Chamberpresident den Dënschden 30.12.021 iwwreescht.**

**Natur&Ëmwelt, Mouvement écologique, régionale Sud, Youth for Climate Lëtzebuerg** an d'**BIGS asbl** setzen sech an fir d'Erhale vun der NATURA-2000-ZONE a fir den aussergewéinleche BOBËSCH tëscht Suessem a Käerjeng a fuerderen e MORATOIRE vum Bau vum Contournement matten derduerch.

An Zäiten vun der Urgence climatique ass et suicidaire, dass an enger Géigend déi zu den bëscharmsten vun eisem Land gehéiert, e wertvollen ale Bësch einfach wéinst enger Strooss zerstéiert soll ginn. Experten warnen do virdrunn, wëll dësen 150 Joer aale Bësch kann net kompenséiert ginn an ass e wichtegen CO2-Killer dee mir sou néideg brauche fir eis Klimaziler ze erreechen. Dofir däerf de Bësch net einfach esou verschwannen.

Mär erënneren och drun, dass de Bau vum Contournement vu Käerjeng mat héijen NOX-Wäerter gerechtfäerdegt ginn ass, woubäi déi versprache Begleetmoossnamen fir de Verkéier zu Käerjeng an der avenue de Luxembourg ze entlaaschten, bis haut net ëmgesat goufen.

Bei dëse Wäerter, déi scho längst wäit ënnert dem Grenzwäert vun 40 µg/m³ leien an déi di läscht 4 Joer grad emol eng Kéier 2 Punkten driwwer lungen, an aktuell bei 29 µg/m³ fir 2020 an virausiichtlech bei 27 µg/m³ fir 2021 leien, ass de Schutz an d'Erhale vum Bësch absolut virrangeg - also déi wierklech « raison impérative d'intérêt public majeur» déi et ze verdeedege gëllt!

Et geet duer mat den eidele Versprieche vun der Politik - et muss konkret gehandelt ginn! Net eréischt muer, mä haut an elo direkt! Et ass nach kee Schued geschitt! Nach sinn d'Beem intakt an nach ass d'Naturschutzgebidd d'Heemecht vu ville seelenen Déieren- a Planzenaarten déi riskéieren soss ganz ze verschwannen.

**Fir de Bësch - Fir de Mënsch !**
**Kee Contournement vu Käerjeng !**

**1. Rendezvous 2022**
**Samschdes 8. Januar vun 11-12 Auer am Bobësch.**
**De Kampf ëm de Bësch geet weider !**

**Mir treffen eis an der Entrée vum Bobësch fir weider Plaquetten an eng Banderole opzehänken.**
**Duerno gett et en wuarmen Téi.**

**Et ass wichteg dass vill Léit kommen an sech solidaresch weisen !**

**#firdeBesch**
**#firdeMensch**
**#keeContournement**




Den APPELL fann dir a 5 verschidde Sproochen (däitsch, franséisch, englesch, portugisesch an italienesch) op eisem Site ***www.bigslu.net*** Vun do aus kommt der och direkt op de Link wou dir den APPEL ënnerschreiwe kennt!

**http://chng.it/72BpsnYL**

**Sidd solidarësch! Sidd Deel vum Widderstand!**
**#firdebesch #keeContournement!**

**D'BIGS huet 2 Agréments a kann an Ëmweltfroen a bei groussen Bauprojete viru Geriicht d'Allgemenginteressen vun de Leit aus der Gemeng Suessem an Ëmgéigend vertrieden !**

**La BIGS dispose de deux agréments et peut intervenir en justice pour défendre les droits des citoyen*nes de Sanem et des communes avoisinantes en matière de l'environnement et de grands projets de construction!**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

*La Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable,*

Vu l'article 72 de la loi du 18 juillet 2018 sur la protection de la nature et des ressources naturelles et modifiant 1° la loi modifiée du 31 mai 1999 portant institution d'un fonds pour la protection de l'environnement ; 2° la loi modifiée du 5 juin 2009 portant création de l'Administration de la nature et des forêts ; 3° la loi modifiée du 3 août 2005 concernant le partenariat entre les syndicats de communes et l'État et la restructuration de la démarche scientifique en matière de protection de la nature et des ressources naturelles ;

Vu la demande en obtention d'agrément présentée par l'association sans but lucratif « Biergerinitiativ Gemeng Suessem » en date du 20 novembre 2020 ;

**Arrête:**

**Art. 1er.** L'A.S.B.L. Biergerinitiativ Gemeng Suessem est agréée.

**Art. 2.** Le présent arrêté est expédié à l'A.S.B.L. Biergerinitiativ Gemeng Suessem pour lui servir du titre.

Luxembourg, le 14 JAN. 2021

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable,

Carole Dieschbourg

4, place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

www.emwelt.lu
www.gouvernement.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

*La Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable,*

Vu l'article 29 de la loi du 10 juin 1999 relative aux établissements classés.

Vu la demande en obtention d'agrément présentée par l'association sans but lucratif « Biergerinitiativ Gemeng Suessem » en date du 5 mai 2021 ;

**Arrête:**

**Art. 1er.** L'A.S.B.L. Biergerinitiativ Gemeng Suessem est agréée.


**Art. 2.** Le présent arrêté est expédié à l'A.S.B.L. Biergerinitiativ Gemeng Suessem pour lui servir du titre.

Luxembourg, le 06 AOUT 2021

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable,

Carole Dieschbourg

## AFFAIRE WËLDBRÉCK



## Recours BIGS c/Ministère de l'Environnement Dossier WËLDBRÉCK/CONTOURNEMENT VU KÄERJENG: et gëtt elo eescht - d'BIGS asbl huet virum Verwaltungsgeriicht geklot!

D'BIGS asbl huet den 4. März, zesumme mat betraffenenen AwunnerInnen vu Suessem a Käerjeng, e Recours beim Verwaltungsgeriicht deposéiert.

Ugefecht ginn 2 Geneemegungen, déi d'Ëmweltministesch Carole Dieschbourg op Demande vum Bauteminister François Bausch erausginn huet fir dass d'Ponts&Chaussées kënne mam Bau vun engem Deelstéck vum Contournement bei der Käerjeng-Suessemer Gare ufänken. Dat ënnert dem iirféirende Numm „Wëldbréck" - fir déi et emol kee Plang gëtt an déi eréischt … 2024 soll gebaut ginn, 150 Meter méi wäit erop.



BIGS
Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl
RCS F1763 siège social: 5, rue de Limpach L-4986 SANEM
association agréée dans la protection de la nature

### COMMUNIQUE DE PRESSE

**Recours déposé devant le tribunal administratif :**
**Le début des travaux du contournement a été autorisé illégalement !**

La Biergerinitiativ Gemeng Suessem a.s.b.l., ensemble avec des habitantes et habitants concernés de Bascharage et Sanem, vient d'introduire un recours en annulation devant le tribunal administratif par l'intermédiaire de Me Olivier Lang, avocat à la Cour, contre deux décisions du 19 novembre 2020 et 25 février 2021 de la Ministre de l'Environnement ayant comme objet l'autorisation des travaux d'abaissement du CR110 (route reliant Sanem à Bascharage) et la construction de murs de soutènement.

Les requérant-e-s apportent la preuve que ces travaux sont en relation directe avec le passage du pont routier du contournement au-dessus du CR110 devant s'appuyer directement sur ces murs de soutènement. Le véritable but du projet introduit par le Ministre de la Mobilité et des Travaux publics consiste donc à permettre aux Ponts&Chaussées de débuter dès à présent les travaux projetés dans le cadre du contournement de Bascharage comportant notamment la destruction de biotopes et d'espèces protégées au niveau européen et cela sans attendre la nécessaire deuxième autorisation du contournement par le Ministère de l'Environnement sur base d'une analyse globale du projet et des mesures de compensation prévues.

Ce projet a été abusivement travesti en "passage à faune entre le Bobësch et le Zamerbësch au niveau du chemin repris 110 entre Bascharage et Sanem et les travaux préparatifs y relatifs (!)" - bien qu'aucun concept ni aucun plan pour ce nouvel ouvrage d'art, dont on n'a jamais entendu parler auparavant, n'ait été présenté à ce jour par le Ministre Bausch et que la réalisation hypothétique dudit "passage à faune" n'est prévue qu'après réalisation de tous les travaux préparatoires au contournement de Bascharage, en 2024.

En dissociant artificiellement les travaux préparatoires de ce pont du projet de contournement en soi, le Ministre Bausch et les Ponts&Chaussées agissent contre la directive Habitats européenne 92/43 qui exige une évaluation d'ensemble non seulement des dégâts environnementaux d'un projet unique, mais aussi des mesures compensatoires dans un but de protection de la cohérence globale du réseau Natura 2000. Ce court-circuitage et début des travaux effectifs du Contournement visent par ailleurs à priver la BIGS et les autres organisations contestataires de l'effectivité d'un recours contre le contournement dans son ensemble qui est actuellement bloqué dans l'attente de l'autorisation des mesures compensatoires par la même Ministre de l'Environnement.

Même en admettant par impossible qu'il s'agirait de deux projets différents (abaissement du CR110 et projet du contournement), ces deux projets auraient des effets cumulatifs sur l'environnement qui devraient être analysés ensemble et non séparément. Il est inadmissible par ailleurs que la Ministre de l'Environnement ait accepté que ce projet dévastateur séparé ait été dispensé de l'obligation d'évaluation des incidences sur la nature, pourtant obligatoire d'après la directive Habitats, avec l'argument sidérant que ce projet partiel routier – affublé du nom de « passage à faune » - serait « directement lié et nécessaire au respect des objectifs de conservation » de la zone Natura 2000.

En détruisant les habitats d'espèces d'intérêt communautaire comme les chiroptères et les lézards des murailles, le projet aurait par ailleurs en toute hypothèse dû être justifié notamment par une « raison impérative d'intérêt public majeur ». Il est finalement reproché à la décision entreprise, qui prévoit principalement une « compensation par points » dans un pool régional, de ne pas respecter l'obligation européenne de conservation favorable des habitats touchés (notamment le « Bobësch » dont le maigre reste est prévu pour être classé zone de protection spéciale seulement après la fin des travaux !).

Les deux autorisations sont donc attaquées pour détournement de pouvoir, pour excès de pouvoir et pour violation de la loi.

(Communiqué par la BIGS a.s.b.l. 04.03.2021)



20 Joer BIGS #fir de besch

# KRONOSPAN & CRASSIER
## Et gëtt net besser…
## rien n'a vraiment changé…

## Crassier Gadderscheier Suessem/Déifferdeng



An der Gemengerotssitzung vum 15. Januar wuar gewuer ze ginn, dass eis Buergermeeschtesch Simone Asselborn-Binz an Ofsprooch mat der Buergermeeschtesch vun Déifferdeng Chritiane Brassel-Rausch hir Accorde fir eng Baugeneemegung fir den „Remblai technique" an der Zone Gadderscheier, op der Platz "Aleweier" ginn hunn. An dat als Decharge wéinst dem Bau vum neien Escher Spidol. 2018 haten béid Gemengenréit an engem Vott unanime hier „Opposition formelle" ausgeschwat an ugekënnegt all weider Baugeneemegung ze refuséiert, bis eng Etüd gemaach ass, ënner anerem iwwert d'Sickerwaasser, wat riskéiert eist Drénkwaasser ze verseuchen. Eng EIE-Etüd ass elo lancéiert ginn an wäert net virun 2 Joer ofgeschloss sinn. Eng Pompel soll op dëser Decharge d'Sickewaasser op d'Schiedlechkeet kontrolléieren fir direkt kënnen anzegräifen. Dat mécht eis als BIGS awer Suergen, wëll wann d'Pompel bis „Alarm" schléit ass jo schonn dat gëftegt Waasser am Buedem. Firwat gouf de Problem nëtt am Gemengerot diskutéiert, souwéi virun 2 Joer, éiert eng Baugeneemegung ausgeschwat ginn ass? Affaire à suivre…

## Kronospan

**D'Serie vun den Tëschefall bei KRONOSPAN geet weider. D'BIGS hat zu den Tëschefäll vum 27. Dezember an vum 2./3. Januar dëst Joer ëffentlech Stellung geholl an déi Verantwortlech opgefuerdert d'Sécherheetsbestëmmungen an d'Ëmweltoplagen anzehalen an ze respektéieren. Mir haten och gefuerdert, dass si bei Tëschefäll direkt an transparent missten no baussen kommunizéieren.**

**Hei 3 Froen, déi mir hinnen gestallt hunn, an wou mer op d'Äntwerten wuarden:**

*In den letzten Jahren häufen sich die Zwischenfälle und regelmäßig beschweren sich die Anrainer über Geruchs- und Lärmbelästigungen, ganz zu schweigen von den Brandzwischenfällen vom Sommer 2019 und erst kürzlich dem Hallenbrand zu Jahresbeginn. Auf den ersten Blick scheinen Sicherheits- und Wartungsmängel die Ursachen zu sein.*

**Was ist los bei KRONOSPAN Sanem?**

*Das Umweltamt hat KRONOSPAN verschiedene Auflagen aufgetragen. Die Impaktstudie zur Geruchsbelästigung müsste abgeschlossen sein. Die Studie zur Lärmbekämpfung hatte schon im Juli 2020 ergeben, dass die Werte nachts überschritten werden und ein weiterer Schallschutz installiert werden müsste. Zur Staubminderung bei der neuen Cogenerationsanlage wurden auch Maßnah-men ihrerseits versprochen. Zum Schutz der heimischen Gewässer sollen ein weiteres Rückhaltebecken, ein Biobecken gebaut werden.*

**Wie weit sind Sie mit den Verbesserungs- und Sanierungsarbeiten?**

*Die SWISS KRONO hat neue Produktionsstätten in ganz Europa und verstärkt in Osteuropa gegründet. Was ist mit dem Standort Luxemburg dem einstiegen „Vorzeigewerk"? Seit dem Gründungsjahr 1994 hat sich das Werk vergrößert, viele Projekte wurden umgesetzt. Im Sommer 2019 hat der damalige Wirtschaftsminister angekündigt, dass bis 2025 weitere 400 Mio € investiert würden und 100 weitere Arbeitsplätze entstehen sollten. Weiter wurde, um die CO2-Bilanz zu verbessern, der Anschluss an das Schienennetzt, eine Reduzierung der fossilen Brennstoffe durch eine Erhöhung des Anteils von Recyclingholz in der Produktion angekündigt.*

BIGS-INFOBLAT N°7 Feb. 2021




BIGS

## 3 Fragen an Claude Zovilé & Romain Borrelbach

**BIGS: Claude & Romain, ihr beide reicht regelmäßig Beschwerden bei der Umweltverwaltung ein, um gegen die Umweltbelastungen, verursacht durch KRONOSPAN vorzugehen. Könnt Ihr uns dazu einige Erklärungen geben ?**

***Romain***: Seit 2005 habe ich 108 Beschwerden (vorwiegend wegen sehr starker Geruchsbelästigung & 1 Lärmbelästigung) schriftlich eingereicht. In den letzten Jahren hat sich die Situation leider wieder sehr verschlechtert. Auf 108 Beschwerden habe ich 39 Empfangsbestätigungen, sowie 6 Emails mit konkreten Aktionen von der Umweltverwaltung erhalten. 63 Beschwerden blieben unbeantwortet. Detailfragen zu Messungen und Statistiken wurden nicht einmal ansatzweise von der Umweltverwaltung beantwortet. Es fehlt absolut an Transparenz und Kommunikation, was zu einer noch größeren Frustration führt, da man sich nicht ernst genommen fühlt.

***Claude***: Ich habe seit Mitte 2019 Beschwerden bei der Umweltverwaltung eingereicht, nachdem ich meine Anliegen erst an Kronospan selbst übermittelt hatte. Bislang sind die Rückmeldungen der Umweltverwaltung sehr dürftig und nicht zufriedenstellend und bestehen größtenteils nur aus Empfangsbestätigungen. Nur in einem Schreiben im August letzten Jahres wurde mir mitgeteilt, dass Kronospan von der Umweltverwaltung „eingeladen" (invité) wurde Maßnahmen zur Reduzierung des Geruchs, des Lärms und der Staubemissionen zu treffen ohne zu sagen welcher Zeitraum dafür vorgesehen ist und aus was diese Maßnahmen bestehen. Geändert hat sich nichts und alle Anrufe und Anfragen bei der Umweltverwaltung sich bei mir zu melden blieben unbeantwortet.

**BIGS: Gibt es allgemein in der Bevölkerung von Sanem viele Beschwerden ?**

***Romain***: Bei meinen Spaziergängen in Sanem treffe ich viele Einwohner, welche sich auch über die regelmäßigen Umweltbelastungen (Geruch, Lärm & Staub) beklagen. Leider hört man dann immer wieder den gleichen Satz : " *Ach da kann man sowieso nichts unternehmen. Die können doch tun was sie wollen !*" Der Frust unter den Menschen ist absolut spürbar.

***Claude***: Ich nehme an, dass es weitaus mehr Leute gibt, die sich belästigt fühlen als die die sich melden, da nicht jeder diese Initiative nimmt. Ich habe auch schon zu einigen Kontakt aufgenommen die man mir angegeben hatte. Deshalb müssten wir eine gemeinsame Aktion starten, um Unterschriften zu sammeln, da nur so unsere Beschwerden mehr Gewicht bekommen.

**BIGS: Welche Erwartungen knüpft Ihr in naher Zukunft an KRONOSPAN?**

***Romain***: Nun, die Umweltverwaltung hat im August 2020 endlich reagiert, und verschiedene Auflagen an KRONOSPAN gestellt, welche 2021 erfüllt werden müssen. Leider fehlt auch hier die Transparenz bezüglich der Details dieser Auflagen, sowie der genaue Zeitrahmen. Die Umweltverwaltung hat in Bezug auf Kommunikation & Transparenz noch sehr viel Luft nach oben!
Der Geschäftsführer von KRONOSPAN hingegen ist sehr kommunikativ; aber Herr IREDI muss seinen Worten Taten folgen lassen ! Der letzte Umweltbeauftragte der Firma KRONOSPAN hat diese schon wieder verlassen. Ein Schelm wer Böses denkt !
Wir müssen absolut wachsam bleiben, die aktuelle Entwicklung im Auge behalten, und gegebenenfalls zusammen mit der BIGS größere Aktionen starten !

***Claude***: Obwohl ich der Firma Kronospan zugestehe, dass sie sich am Anfang meiner Beschwerden gesprächsbereit erklärt hat und ausgesagt hat, dass sie die Beschwerden ernst nimmt, erwarte ich nicht viel, da Kronospan sowie jede Industrie ein gewinnorientiertes Unternehmen ist. Ich höre von Maßnahmen, die sie nehmen wollen und sollen aber nur über Dritte und kann seit meiner ersten Beschwerde seit Ende 2019 keinen Unterschied in punkto Lärmbelästigung feststellen. Wenn innerhalb eines Zeitraums von über 2 Jahren nichts passiert, was soll man dann noch erwarten?

**BIGS: Danke euch beiden für das Gespräch und euer Engagement!**

### OPRUFF un d'Leit aus der Gemeng SUESSEM

**Gëtt är Liewensqualitéit och ëmmer méi oft negativ beaflosst duerch eng staark Belästegung vu GEROCH a NUETSKAMÉIDI ?**

**Mir wëllen där Saach op de Fong goen an d'Verursaacher erausfannen. Mellt Iech wann der och betraff sidd!**

**Zesummen kenne mir eppes ënnerhuelen !**





**Et ass wichteg, dass all Zwëschefäll dokumentéiert ginn. Maacht Fotoen, schreiwt iech den Datum an d'Auerzäit op!**

**Huelt Kontakt mat der Biergerinitiativ op. Mir sammelen alles an konfrontéieren d'Ëmweltverwaltung mat den Donnéeën!**

**Stéchwuert : Geroch & Kaméidi**

**leardini@pt.lu clazov22@pt.lu rborrel@pt.lu bigs@pt.lu**

## Modification ponctuelle PAG „Gadderscheier"
## Ausbau vu KRONOSPAN

D'Erweiderung vun der Nationaler Industriezone «Gadderscheier» wuar schonn am Plan sectoriel Zones d'activités virgesinn. KRONOSPAN hat des Erweiderung/Vergréisserung schonn virun 4 Joer ugefrot.

An enger 1. Etapp gëtt nei Plaaz fir de Stockage geschaafen - fir eng zousätzlech Produktiounsline an eng Opberreedungsanlag fir Material an eng 3. Kraftwärmekoppelungsanlag, verbonnen mat der Ubannung un d'Schinnenetz mat 4 Gleiser. Um ierweschte Plateau soll en zousätzlecht Holzlager opgeriicht ginn.

An enger 2. Etapp wëll Kronospan hei och Eoliennen installéieren fir mat Wandkraaft ze schaffen wat natierlech begréissenswäert ass, vu dass mer all versichen vun de Fossile Brennstoffen als Energieliweranten ewech ze kommen. Op dem Deelstéck wou d'Firma KNAUF sech hätt wollten installéieren sinn weider Halen fir verschidden Ofschnëtter vun der Produktioun an d'Lagerung vun Materialien geplangt.

Besonnesch erfreelech ass och d'Absicht eng Léierbud fir 36 Léiermeedercher an Bouwen ze schafen.

Deemnächst wäert dann och d'Photovotaïkanlag ageweit ginn. De Gemengerot an d'Ëmweltkommissioun wäerten dann och geschwënn emol de Site besiche kënnen.

Et muss een awer leider och bemierken, dass d'Kronospan nach ëmmer net d'Oplagen vum Ëmweltministère erfëllt an dass déi Sanéierungsaarbechten schleefen. Leider verursaacht d'Kronospan ëmmer nach Kaméidi, Stepps a Geroch.

D'Nerven vun de Léit sinn iwwerstrapazéiert! Et mussen elo och an déi Richtung Neel mat Käpp gemaach ginn!

***Infos zum Punkt 11 vun der Gemenrotssitzung vum 12. Februar 2021.***



20 Joer BIGS #fir de besch

## #firdeBësch
## #firdeMënsch


natur&ëmwelt

"Nationalen Dag vum Bam"

13. November 2010

CERTIFICAT

Biergerinitiativ Gemeng Suessem
as Giedel a Pätter vun engem Bam
an d' Gewaan

Domat as e wichtege Bäidrag fir d'Erhale vun enger natiirlecher Emwelt geleescht gin.

Frantz Charles Muller
Präsident vun der
Fondation Hëllef fir d'Natur

Fondation Hëllef fir d'Natur
NATURA
Société des Naturalistes Luxembourgeois
prakteschen Naturschutz mat Ärer Hëllef

## Dag vum Bam
## Journée de l'arbre




Wärend der Aktiounswoch vum 13.-17. September 2021 hat d'BIGS asbl de Roger Schauls, Biolog an Expert op Besuch. Zesumme mat him sinn eng ronn 20 Leit op eng Bëschwanderung gaangen, déi et a sech hat. Hien huet eis an einfachen awer klore Wierder erklärt, firwat den 150 Joer ale Bobësch esou wäertvoll a wichteg fir d'Erhalen vun der Biodiversitéit ass, an seng Roll am Kampf géint d'Klimakris onersätzlech ass. De Bobësch muss niewent dem Zäemerbësch (Natura-2000-Zone) onbedéngt erhale bleiwen – si kennen net duerch d'Uplanze vu neie Beem kompenséiert ginn !

Spontan sinn 2 Kuerzfilmer entstanen, mat de wichtegsten Erklärungen, fir all déi Leit, déi des interessant an opschlossräich Bëschbesichtegung verpasst hun.

Iwwert eise Site www.bigslu.net kennt een direkt op d'Filmer !







mouvement écologique Régionale Sud · natur&ëmwelt · Youth for Climate Luxembourg · BIGS Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

### Bëschbesichtegung - Kompensatiounsmoossnamen: een trauregt Bild no 30 Joer!

A priori soll do, wou Schued entsteet, duerch Moossnamen de Schued nees "reparéiert" ginn – wat futti gemaach gëtt, gëtt ersat a muss kompenséiert ginn! Zënter Joerzéngte beméie mer eis déi Beem an Deeler vu Bëscher déi ewech gehae ginn - well Bauprojete Prioritéit hunn - duerch Neiuplanzungen ze kompenséieren. Mir wësse wéi wichteg de Bësch als CO2-Späicher ass.

Kucke mer eis déi Kompenséierungen awer mol méi genee un, da muss e feststellen, dass dat fir al Bëscher net gutt gelongen ass. D'Hoffnung an d'Illusioun eis al Bëscher an hier Bëschflora a Fauna kënne kuerzfristeg duerch Moossnamen ze ersetze sinn all gescheitert esou och d'**Kompensatiounen an den Aessen tëschent Zolwer an Éilereng fir de Bau vun der Collectrice du Sud.** Do sti Beem déi virun iwwer 30 Joer als Kompensatiounsmoossnam ugeplanzt gi sinn, direkt niewent engem Bësch deen 150 Joer al ass. Den Zoustand vum neien Deel "Bësch" ass no iwwer 30 Joer deplorabel. Do ass keng Bëschgemeinschaft entstanen – keng Symbiose, keng Biodiversitéit weder bei der Bëschflora nach bei den Déieren.

En erschreckend Bild, awer och en ernüchternd Bild! Kuerzfristeg sinn eis al Bëscher net ze ersetzen. D'Natur brauch Zäit - 100 Joer ! Méi wéi d'Dauer vun engem Mënscheliewen! Mir hunn awer déi Zäit net méi! Matten an enger Klimakris ass et onverstänneg, fahrlässeg an suicidaire al Bëscher wéinst Contournements, sief et zu Käerjeng oder zu Hesper, ofzeholzen!

**Et gëtt héich Zäit, dass mer endlech verstinn, dass mer net méi wéi gewinnt weiderfuere kënnen.** **5. Abrëll 2022**

## Pätter a Giedel vun engem Bam !
## Parrainer un arbre !
## En Häerz fir de Bësch






### Solidaritéitsaktioun Pätter oder Giedel vun engem Bam geet weider

**218 Pätteren a Giedelen, 44 Häerzer** dat ass de virleefege Bilan vun eisen Aktiounen #firdebesch vun November 2020 un. Wéi der wësst, ginn déi Suen integral an de Fong fir d'Affekotskäschten ze bezuelen. Den 1. Recours konnt domadder finanzéiert ginn. Ma den eigentlechen recours géint den APD vum Contournement steet eis nach bevir. An duerfir geet eis Sammelaktioun och weider.



20 Joer BIGS #fir de besch

## LOGO
## LOGESCH
## EKOLOGESCH

E Logotype oder LOGO Erkennungsmerkmal an Identitéit!
Un logotype ou LOGO marque et identifiant!




**BIERGERINITIATIVE GEMENG SUESSEM asbl**

- **B** breet Bierger-Bedeelegung
- **i** Iddi, Informatioun an Initiative
  Recht op Participatioun an eis Determinatioun
  zwee Zeechen - een Dësch (top down - bottom up)
- **G** Gemeng a Gemeinschaft
- **S** Suessem, Solidaritéit, sozial an ökologesch Transitioun

**BIGS**
**BIERGERINITIATIVE GEMENG SUESSEM asbl**

**FANGEREN EWECH VUN DER NATURA-2000-ZONE**
**KEE CONTOURNEMENT - d'BIGS geet a RECOURS**

**CCPL LU78 1111 1984**

bigs@pt.lu www.bigslu.net fb:@SuessemBIGS

**Gëff Membre aktiv oder Membre Donateur - ënnerstëtz d'Biergerinitiativ Gemeng Suessem !**

**BIERGERINITIATIVE GEMENG SUESSEM asbl**

- **B** participation citoyenne
- **i** idées, droit sur l'information et droit d'initiative
  participation et détermination
  deux symboles - une table (top down - bottom up)
- **G** commune et collectivité
- **S** Sanem, solidarité, transistion sociale et écologique

**BIERGERINITIATIVE GEMENG SUESSEM asbl**

**PROTECTION DE LA ZONE-NATURA-2000**
**RECOURS CONTRE LE CONTOURNEMENT**

**CCPL LU78 1111 1984 6095 0000**

bigs@pt.lu www.bigslu.net fb:@SuessemBIGS

**Engagez-vous dans la BIGS ! Devenez membre actif ou membre donateur !**

**BIGS**
**Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl**
RCS F1763 siège social: 5, rue de Limpach L-4986 SANEM
association agréée dans la protection de la nature

#fir de besch

#fir de besch

## Kanner sinn d' CITOYEN*ES vu MUER

***D'Kanner sinn eis Zukunft*** - heescht et. Mir mussen se begleeden, opklären a fir d'Zukunft stuark maachen!

***Les enfants sont notre avenir*** **-** dit-on. Ce sont les citoyen*es de demain!



**BIGS 30 Joer Kannerrechter** *fir eis Kanner*

**Mir wollten alle Gemengeréit Merci soen, dass si e Méindeg en Text ugeholl mat Iddien wéi mir de Klima besser schützen kennen.**

**Mir feieren dëst Joer 30 Joer Kannerrechter.**

**Mir hunn iech e klengt Buch matbruecht wou se all dra stinn.**

**Am Artikel 24 steet: All Kand huet Recht op eng propper Ëmwelt.**
**Am Artikel 27 steet: All Kand huet d'Recht op e gutt Liewen.**

**An ärem Text hutt dir versprach alles dofir ze maachen.**

**Mir Kanner wäerten och mat hëllefen verschidden Iddien ëmzesetzen.**

**Dofir wëlle mer dass verschidden Méiglechkeeten fir eis Kanner geschaafe ginn.**

**Am Artikel 13 steet: All Kand huet d'Recht sech z'informéieren an seng Meenung mëndlech, schrëftlech oder kënschtleresch auszedrécken a mat aneren ze deelen.**

**Fir dass mir dat maache kënne**

**- wënschen mir eis, dass et an allen Schoulen e Klasserot gëtt;**
**- wënschen mir eis, e Kannerparlament wou mir Kanner eis Iddien diskutéieren an Projets plangen kënnen**
**- wënsche mer eis, dass am kuurtz & knapp och Noriichten déi eis Kanner besonnesch interesséieren dra stinn an an enger Sproch déi mir verstinn.**

**Mir hunn den Text iwwert de Klimaschutz erkläert kritt an déi passend Biller dobäi gemaach, fir dass all d'Kanner en och verstinn.**

**A well all Bierger a Biergerinnen aus der Gemeng sollen mathëllefen hu mir iech 2 Figuren matbruecht, wou alles drop steet.**

**Zu Wooltz gëtt et e Kannerbüro wou Kanner hier Rechter an Flichten liewen kennen. Dat wënsche mir eis och fir d'Kanner aus der Suessemer Gemeng.**

**Suessem, den 13. Dezember 2019**

# Ökosystem Bësch

Am Bësch liewen *Planzen* an *Déieren* zesummen mateneen a vuneneen. Dat nennt een eng *Symbiose*.

Déieren déi eng bestëmmte Planz friessen, liewen do wou déi Planz ass. Ass déi Planz net méi do, wanderen déi Déieren fort oder si stierwen.

Aner Déieren, déi déi Déieren gefriess hunn ginn dann och fort oder stierwen aus. Dat geet dann esou weider bis nett méi vill Planzen- an Déierenzorten iwreg bleiwen. Dat nennt een Aartestierwen an dat ass de Géigendeel vun *Biodiversitéit* oder *Aartevillfalt*.



**Gudd ze wëssen!**
Planzen nennt een *Flora.*
Déieren nennt een *Fauna.*






## BIGS e Veräin ënner Veräiner

D'BIGS ass als Veräin Member an der ENTENTE DES SCOCIÉTÉS DE SANEM an bedeelegt sech no hiere Méiglechkeeten un Aktiounen zu Suessem selwer an och soss an der Gemeng.











© claude piscitelli





Am Summer 2019 hu Studenten vum ***Lycée Technique des Arts et Métiers*** am Optrag vun der BIGS e Kurzfilm gedréint.

En Été 2019 des étudiants du ***Lycée Technique des Arts et Métiers*** ont tourné un court métrage pour la BIGS.

YouTube ***Fir de Bësch BIGS***






E ganz starke Moment fir d'BIGS war deen, wou eise Räpp fir d'éischte Kéier ëffentlech virgespillt gouf a wou honnerten vu Leit op d'Musek gedanzt hunn.
***MERCI ! PACHAMAMA FAMILY***


Un moment fort quand notre rap fut joué la première fois publiquement et que des centaines de personnes ont dancé sur la musique de ***PACHAMAMA FAMILY***.


**United March for Climate Justice**
**27.09.2019**


Fir ze laachen, fir ze kräischen,
eng Satire, e Märchen, wie weess...!


Un conte satirique pour garder le sourire !

**Dezember 2020 / décembre 2020**











# PUNSCH & CO

**Dem Monique seng Rezepter**
**Les recettes de Monique**

Bei der BIGS hieren Aktioune gëtt et och ëmmer eppes fir de ***Gaumen*** !

Chez la BIGS il y a toujours un petit quelque chose en plus pour le ***palais*** !





## CRANBERRIES-PUNSCH St Valentin

100 g gedréchent Cranberries / *cranberries séchées*
100 ml brongen Rum / *rum brun*
2 onbehandelt Orangen / *oranges non traitées*
500 ml roude Wäin / *vin rouge*
750 ml Cranberries Jus / *jus de cranberries*
2 Staangen Kanéill / *bâtons de canelle*
4 Anäisstären / *étoiles d'anaïs*
3-4 Zl brongen gemuelenen Kandiszocker / *sucre brun de canne moulu*

## PUNSCH BËSCHBIEREN – BAIES DES BOIS

500 ml rouden Kréischelsjus oder Drauwejus / *jus de grosseilles ou jus de raisin*
500 ml Äppeljus / *jus de pomme*
1 Kanéilsstaang / *bâton de canelle*
2 Anäisstären / *étoiles d'anäis*
200 g gefrueren Bëschbieren / *baies gelées*

## GLÜHWÄIN – VIN CHAUD

1l roude Wäin / *vin rouge*
90 g Hunneg / *miel*
1 gepressten Orangëjus / *jus d'orange pressé*
1 geraaspelt Orangëschuel / *écorce d'orange râpée*
3 Neelcheskäpp / *cloux de giroffle*
2 Kanéilsstaangen / *bâtons de canelle*
3 Anäisstären / *étoiles d'anaïs*
gerappten Muskotnoss / *noix de muscat râpée*
1 gréngen Téisäckelchen / *sachet de thé vert*
10 Minutten ophëtzen awer net kachen, dono zougedeckt ofkille loossen an dann passéieren / *réchaufer sans faire bouillir pendant 10 minutes, recouvrir et laisser refroidir puis filtrer*

## MEE - MAI - BOWLE

1,5 l kale wäisse Wäin / *vin blanc sec froid*
1 bouquet Waldmeister 1 Dag virdru gepléckt / *aspérule odorante cueillie la veille*
maximal 30 Minutten zéie loossen, dann de Waldmeister eraushuelen / *laisser infuser pendant 30' au maximum puis retirer l'aspérule*
¾ l Schampes virum zerwéieren bäischëdden / *ajouter du champagne juste avant de servir*
1 onbehandelt Zitroun an Scheiwen schneiden / *couper en rondelles un citron non traité*

**alternativ**

¾ l Spruddelwaasser virum zerwéieren bäischëdden / *ajouter de l'eau pétillante juste avant de servir*

# BIGS 2022

**WO STEET BIGS HAUT ?**
**LA BIGS AUJOURD'HUI ?**

**WAT HU MIR NACH ALLES WËLLES ?**
**QUELS SONT NOS PROJETS ?**

**WÉI KENNT DIR IECH ABRÉNGEN?**
**COMMENT PARTICIPER / SOUTENIR?**

D'BIGS asbl huet 2 Agréments a kann an Ëmweltfroen a bei grousse Bauprojete viru Geriicht d'Allgemenginteressen vun de Leit aus der Gemeng Suessem an Ëmgéigend vertrieden !

La BIGS asbl dispose de deux agréments et peut intervenir en justice pour défendre les droits des citoyen*nes de Sanem et des communes avoisinantes en matière de l'environnement et de grands projets de construction!

D'BIGS huet als unerkannte Ëmwelt-Veräin 2 Membres an der Ëmweltkommissioun an am Aarbechtsgrupp «Contournement».

La BIGS est une association de l'environnement reconnue et est représentée par deux membres dans la commission de l'environnement et dans le groupe de travail «Contournement».




## BIGS-Conseil d'administration 2022

Marc Haas, Sandra Kipchen, Monique Schumann, Marco Goelhausen, Lis Leonte, Myriam Cecchetti, Frédérique Somogyi, Patrizia Arendt, Jos Mathieu




ABONNEMENT INFOBLAT-BIGS via BIGS@PT.LU

## CONTOURNEMENT DE BASCHARAGE

**Une «raison impérative d'intérêt publique majeure» valable est la conservation de la NATURE et de la BIODIVERSITÉ !**

**LA BIGS IRA EN JUSTICE!**

**BIGS**
Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl
RCS F1763 siège social: 5, rue de Limpach L-4986 SANEM
association agréée dans la protection de la nature

*bigs@pt.lu*
*www.bigslu.net*

**2022**

**MEMBRE**
**DONATEUR/TRICE**

carte membre 10 €

solidarité

#fir de besch

**Collecte de fonds**
pour financer le **RECOURS**
pour la **préservation** de la
**ZONE-NATURA-2000**
**Zäemerbësch/Bobësch**

**CCPL IBAN LU78 1111 1984 6095 0000**

**D'BIGS asbl wäert weider enk mat hieren Partnerorganisatioune zesummeschaffen an sech austauschen fir all déi néideg Schrëtt ze plangen an ze ennerhuelen fir de Bau vum Contournement vu Käerjeng duerch eng NATURA-2000-ZONE ze verhënneren!**

**La BIGS asbl continuera à se concerter et agir en commun avec les organisations de l'environnement en tant que partenaires pour faire barrage au projet de construction du Contournement de Bascharage à travers une zone protégée NATURA-2000!**

mouvement écologique Régionale Sud — natur&ëmwelt — Youth for Climate Luxembourg — BIGS Biergerinitiativ Gemeng Suessem asbl

@bigs_asbl bigs@pt.lu
www.bigslu.net

# 20 Joer BIGS

#fir de besch